

# EIS SPROOCH

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

Nr. 3 / Nei Folleg / XII. Jor / 1973

Präis 40 Frang

Wat dran as:




**Dicks:**

Rinnen Heng:	»Onsen« Dicks	1
	Lieweslaf a Lieweswierk	3
Reuland Will:	Den Dicks zu Stadbriedemes	4
***	Et wor virun . . .	5
Milmeister Jean:	Aus dem Dicks seiner Veiner Zéit	6
Berrens Jos.:	Den Hexemeeschter	9
***	Mir krute geschriwwen	12

**Demy Schlechter †**

Rinnen Heng:	Demy Schlechter †	13
Schlechter Demy:	Dem Renert säin Enn (Auszuch)	14
Schlechter Demy:	Roby (Facsimilé)	15
Rinnen Heng:	Hary Trauffler †	16
Trauffler Hary:	En Aasch voller Schold (Facsimilé)	17
Roth Lex:	De Wollef an de Storch	18
Roth Lex:	E Bréif un eis Dépétéiert	18
Faber Péiter:	E klengt Spill mat Wieder	19
***	Nei Bicher	20
***	Opruff fir nei Theaterstécker fir Kanner	20



11. Im Jahre tausend acht hundert ein und neunzig, den fünf und zwanzig Juni des Monats Juni um fünf Uhr Mittags ist vor uns Emile, Irwin, Edmond de la Fontaine, Beamten des Civilstandes der Gemeinde Vianden, im Kanton Vianden, Großherzogthum Luxemburg, erschienen Auguste Haefliger, alt vierzig fünf Jahre, Geistlicher, wohnhaft zu Vianden, und Valer Kellner, alt vierzig Jahre, Geistlicher, wohnhaft zu Vianden, beide nicht verheirathet mit dem Haefliger.

Diese haben uns erklärt, daß Lucien, Irwin, Edmond de la Fontaine seit vierzig Jahren Jahre, Geistlicher, geboren zu Luxemburg, wohnhaft zu Vianden, Auguste Haefliger alte sechzig jahre, Geistlicher, geboren zu Luxemburg, wohnhaft zu Vianden, Die beiden sind seitdem verheirathet Haefliger Auguste de la Fontaine und Josafina Frank.

verschieden ist geblieben um fünf Uhr Mittags, in Vianden, im Hause Nr. Gasse, und haben beide Zeugen gegenwärtige Urkunde, nachdem sie ihnen vorgelesen worden, mit uns unterschrieben.

Emile Irwin Edmond Damion Du Bois Mathieu Antoine de la Fontaine Valer Kellner

# »Onsen« Dicks

De 24. 7. 1973 sin et 150 Jor gin, wéi den Dicks, séngem richtegen Numm no *Lucien Irwin Edmond de la Fontaine*, um Knuedler zu Lëtzebuerg op d'Welt koum. Eng Plack um Eckhaus »Gruef« a »Knuedler« (haut um Kledergeschäft Müller Wipperfürth) as 1923 fir den 100. Gebuertsdag do opgehaange gin. 1903 huet hien an de Michel Lentz e Monument an engem Eck vun der Plëssdarem opgeriicht kritt.

1903 an 1923 war d'ganzt Land op de Bee fir den Dicks ze feieren. A wéi as et op sén-gem 150. Joresdag? Wëssen nach vill jong Leit méi wéi dat Allernéidegst vum an iwwer den Dicks? Kéipweis géif ee mengen, awer da frot emol ueter de jonge Generatiounen dorëmmer. D'Antwert as kuurz: 't wir ee gewiescht, deen emol Theaterstécker geschriwwen hätt, a Lidder, déi wire soss dacks gespilt gin, d'Pappen an d'Mammen hätten emol Lidder aus dene Stécker kannt. — Dat as vill an och nüt. Déi allerwéinegst wëssen eppes vu sénge gudde folkloristischen Aarbechten. Vun de Gedichter as »De Wöllefchen an de Fiisschen« nach ueter d'Land bekannt; »d'Vulleparlament am Gréngewald« nach dem Numm no.

Et as klor, datt et nüt anescht ka sin. Zénter laange Joren as näischt méi an de Bicherbuttecker vum Dicks ze kréien. Dat wat

1923 erauskoum as laang vergraff an et kann ee frout sin, wann een an enger Bibliotéik déi Bicher nach geléint kritt. 'T as sécher gutt, datt de Fernand Hoffmann séng »Mundartdichtung« geschriwwen an eraus gin huet (Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung. 2 Bänn — 1964 a 1967) soss hätt een näischt vun dem Dicks ze liesen.

Wat as dann 1973 zu sénger Eier gemaacht gin?

Et goufen nüt déi vill a grousse Fester wéi 1923 mat Theater an Ëmzich. Et as nüt un d'Schoule geschriwwen gin, fir en haalwen Dag vum Dicks ze zielen, sénger Saachen ze liesen a sénger Lidder ze sangen; d'Kanner kruten nüt wéi deemools en haalwen Dag fräi, eppes Apaartes fir déi Zäit!

D'Actioun Lëtzebuergesch huet fir säi Gebuertsdag e Stempel bei der Post gefrot, an och kritt; den Adolf-Verband (Union Grand-Duc Adolphe) gouf eng Mini-Tak eraus; den Orphéon, de Stater Gesank, huet den 9. 7. 1973 op der Plëssdarem am drëttent Deel vu séngem Concert Lidder aus dem Dicks séngen Theaterstécker gesongen; de Gesank vu Réimech as e Kranz op d'Graf vum Dicks nidderleë gaang (op dee Steen, deen d'Leit vu Stadbriedemes 1955, 100 Jor no der Opféierong vum »Scholdschäin«,

Memorial No 3 / Méindeg , 10. Januar 1881

## Bekanntmachung. — Justiz.

Durch Königl. Großh. Beschluss vom 5. d. Ms. ist Hr. Edmund de la Fontaine, Doctor der Rechte, zweiter Ergänzungsrichter beim Friedensgerichte des Kantons Remich, zum Friedensrichter des Kantons Vianden, in Ersetzung des zu andern Functionen promovirten Hrn. Speyer, ernannt worden.

Luxemburg den 8. Januar 1881.

Der General-Director der Justiz,  
Paul Gyßchen.

## Avis. — Justice.

Par arrêté royal grand-ducal du 5 de ce mois. M. Edmond de la Fontaine, docteur en droit, 2<sup>e</sup> suppléant de la justice de paix du canton de Remich, est nommé juge de paix du canton de Vianden, en remplacement de M. Speyer, promu à d'autres fonctions.

Luxembourg, le 8 janvier 1881.

Le Directeur général de la justice,  
Paul Eyschen.

maache loussen); de Prof. Fern. Hoffmann huet zu Péiténg an zu Lëtzebuerg e Virdrag mat Lidder iwwer den Dicks gehalen; de Radio an d'Télévision goufe sénger Thearterstécker zum Beschten (ageféiert duurch de Fernand Hoffmann an de Leo Blasen); de 24. November huet de Réimecher Gesank en Dicks-Owend organiséiert an ze gläicher Zäit eng ganz gutt Brochür iwwer den Dicks erausgin an zu Didléng krut en den 1. Dezember am Veräinshaus en Owend. Grousbus huet ém Kréschtdag och en Dicksowend gemaacht. Am Januar 74 och nach zu Hoën.

Dat alles beweist, datt den Dicks nach nüt vergiess as, mä dach, datt en nüt méi esou lieft wéi viru 50 Jor.

’T as haut eng aner Zäit. Den Dicks huet séng Platz nach bei denen Alen, wou en s'émmer hat. Séng Lidder sin denen nach am Kapp. Se son dene jonge Leit nüt méi vill. Hinne sin d'Lidder ze schmanteg an ze schlefeg. Si passen nüt méi an d'Zäit vu »Pop« a »Swing« a »Jazz«. Séng léif Thearterstécker son de jonge Leit nüt méi souvill wéi virun e Jor är fofzeg, si gin nach sele gespillt (’t wir ze schwéier wéinst dem Gesank). ’T as eng aner Zäit. Dem Dicks séng nüt méi, ’t as déi vun haut.

Stiirft den Dicks dann elo? Et schéngt dës ganz. ’T as zevill liicht fir der Zäit d'Schold ze gin. Firwat weess awer da jiddereen eppes vum Rodange, vum Renert ... Well de Renert duurch Privatleit nees an nees nei erauskoum, an doraus an de Schoule gelies gin as, en anert Buch as zesoen nüt do zénter 25 Jor. Vum Dicks näisch, bis op »De Wélfelchen an de Fiisschen«, deen de Volleksbildongsverän Déiferdang dëslescht erausgin huet a séier verklaft as gin.

Sénger Zäit, an de fofzeger Jore, sollt de Marcel Reuland den Dicks ganz iwwerschaffen an nei erausgin. Hien as iwwer deer Aarbecht gestuerwen, an d'Saach blouf leien. (Fir 1974 as awer eng nei Editiou vum Dicks sénge Saachen ugekënnegt.)



**Gedenket in euren Gebeten**

**Lucian-Irvin-Edmund de la Fontaine,**  
*geboren zu Luxemburg, am 24. Juli 1823,  
 im Herzen entschlafen zu Vianden den 24. Juni 1891,  
 gestärkt mit den Gnadenmitteln unserer  
 Mutter der hl. Kirche.*

—  
 Ich zählte Monate der Trauer und ver-  
 lebte schmerzvolle Nächte, weil mir, o  
 Herr, nach deinem heiligen Willen ge-  
 schah. (*Hiob. 7. Jer. 15.*)  
 Tröstet euch; unsere Trennung wird  
 nicht von langer Dauer sein. Ich sterbe,  
 jedoch meine Liebe stirbt nicht; wie ich  
 euch auf Erden liebte, so werde ich euch  
 auch im Himmel lieben. (*Augustinus.*)  
 Er war der Trost der Seinigen; seine  
 Herzensgüte erwarb ihm die Achtung  
 Aller. (*Ecb. d. sch. Job.*)  
 Er liebte die Gerechtigkeit, und verachte  
 te alles Ehrlose, darum wird ihm der  
 Friede der Seele zu Theil werden. (*Ps 44.*)

—  
**Gebet.**  
 Barfuß und ohne Angst gib ihm die ewige  
 Ruhe! (*Eccl. 12. 7 Quad.*)

Luxemb. — Druck von Jos. Beaufort.

Dem Dicks säin Doudebild huet den Abens Vic a sénger Sammlong, den Dicks as jo de 27. Juni 1891 zu Veiane begruewe gin.

’T as dach esou, wann een als Kand näisch vun eppes héiert a gesait, dann as et schwéier fir engem am Alter Léift a Loscht a Versteedsdemes fir eng Saach báizebréngen.

»Onsen« Dicks! As et en nach émmer? Dat jo, ’t wir awer gutt, wann en nüt lues a lues ganz stierwe géif a verlooss do stéing wéi säin an dem Lentz säi Monument am Eck vun der Pléssdarem.

Heng Rinnen

# Lieweslaf a Lieweswierk

(a Stéchwieder)

(dee méi a genee Bescheed wéllt wéssen, soll kucken  
an: F. Hoffmann: Geschichte der Luxemburger  
Mundartdichtung, Bd. I;)

Chorale Ste Cécile Remich: *150 Joërl Dicks.*  
Besonnesh d'Artiklen: A. Atten: Eisen Dicks,  
Sprochmates a Folklorist; C. Huruy: Bibliographie  
Edmond de la Fontaine, genannt Dicks; P. Grégoire:  
Onsen Dicks.)

Gebuer zu Létzebuerg den 24. 7. 1823  
Affekot: 1850  
2. Ergänzongsriichter Létzebuerg: 1850  
1. Ergänzongsriichter: 1853  
Bestuet: 1858 (Pauline Dutreux, séng  
Kusin)  
Wiewerei Réimech  
Buurgermeeschter vu Stadbriedemes 1867—  
1870  
Riichter zu Veianen: 5. 1. 1881  
Gestuerwen Veianen: 24. 6. 1891  
27. 6. 1891 begruewen; Läich op Stadbrie-  
demes geféiert 1893 (Graf bei der Kiirch)

*Theaterstécker:*

Scholdschäin 1855 (25.2.)  
De Koséng (Schwaarz odder blond) 1855  
(22.4.)  
D'Mumm Séis 1855 (11.11.)  
D'Kiirmesgäscht 1856 (30.8.)  
De Ramplassang 1863 (22.11.)

Op der Juegd 1870 (18.11.)  
De Gréngor 1877 (28.1.)  
Den Här an d'Madam Tullepant 1879  
En as rosen 1885  
(De Veiner Wäissert — Um Friddensge-  
riicht)

No séngem Doud:  
Eng Stëmmonk, Nondikass, Schouster  
Boubou  
*Gedichter* (dovun némmen zwee, déi am  
meeschte bekannt sin):  
De Wöllefchen an de Fiisschen (1839?)  
D'Vulleparlament am Gréngewald 1848

*Aner Saachen. Bicher.*  
Versuch über die Orthographie der lux.-  
deutschen Mundart 1855;  
Die Luxemburger Sprichwörter und sprich-  
wörtlichen Redensarten 1857/1858  
Weberei in Remich 1860.  
Die Weinberge und die Katasterrevision  
1867  
Historische Notizen 1868.  
Die Luxemburger Kinderreime 1877  
Luxemburger Sagen und Legenden 1882  
Luxemburger Sitten und Gebräuche 1883  
Vianden et ses environs 1885

No séngem Doud:  
Die Luxemburger Volkslieder älterer Zeit  
1904  
Die deutsche Götterwelt im Luxemburger  
Land 1906  
Manuskript: Létzebuerger Planzennimm  
Wiederbuch

\* \* \*

Dicks—Lentz-Monument (Plëssdarem)  
1891  
Erënnerungsplack (Knuedler), Veianen  
1923, Veianen (Monument) 1966  
Stadbriedemes 1955  
Stroossennimm

# Den Dicks zu Stadbriedemes

Et muss een n t den Dicks sin, fir datt et engem op der Musel gef llt, ma wann een dann den Dicks gewiescht wir, dann h tt et engem duebel vill Freed gemat bei de W nzer ze sin.

An dat wor fir eisen Nationaldichter Dicks de Fall, soss h tt s ngt Undenken sech n t bis haut esou zu Briedemes op der Musel gehalen. Et g t dach haut kaum ee vun denen eleren Awunner vun d sem Muselduurf, deen n t houfreg wir vum Dicks ze schw tzen, wann et emol eng K ier iwwer d i Z iten hiergeet.

Fir unzef nken muss ech gl ich son, datt den Dicks sech ni als Schlassh r zu Briedemes gespiirt huet. Duerfir wor hien ze gescheit an och ze schall ckeg.

Wann ech dat behaapten, dann hun ech e Bew is an der Hand. De Bew is as zwar dout, ma de Brudder vum Rau Jampir, dee lieft nach an Dir k nnt hien nach haut fron, ob dat hei st mmt oder n t.

De Rau Jampir wor den eischte M nsch, deen ech zu Briedemes kenne gel iert hun, w i mir am Pompjeesschapp d Owesschoul 1945 ugefaangen hun. Ech hu musse laanscht s ng Dir gon, fir an de Schoulschapp ze kommen. W i ech e puermol do wor, du stung hien op eng K ier an der Paus b aim Schapp. Hie wir de Rau Jampir, a mir wiren iwwer siwen Ecken hannener m duurch m ng Fra nach Famillech mateneen.

De Jampir hat du ewell w it iwwer 70 Jor an duerfir konnt et n t anescht sin, w i datt ech hien ouni Schlag a Stouss eemol nom Dicks gefrot hun. Et muss eng Ursaaach duerfir do gewiescht sin; egal, hien huet mir dunn erzielt, wat hien alles nach vu s ngem Papp a vun sech selwer wousst. Eng Schan, datt een du nach keen Tounband hat. Esou kann ech n mmen dat erzielen, wat ech nach esou weess ...

Fir unzef nken huet de Jampir mir gesot, den H r Dicks, dat wir e feine Mann ge-

wiescht an apaarti e Kannerfr nd. Hien h tt d i Z it un Theaterst cker geschafft, w i hien zu Briedemes am Schlass wor. Wann hien och esou Liddercher gemaacht h tt, dann h tt hien dack d Kanner aus dem Duurf an d Schlass geruff an d i mat hinne geprouft. Well en  mmer eppes fir d Kanner hat, an si esou w i sou g ren an de Schlassgaart spille gaang sin, huet den Dicks ni  msoss op se gewaart.

M , sor de Jampir, w i dat zu R imech schif gaangen as mat der Wiewerei, du wor den H r de la Fontaine eng Z itche n t zum beschten drun. Ech ka m ch er nnneren, datt m i Papp sot, hien h tt alt d ck Bicher am Kam in verbrannt, fir datt et soll waarm gin, wann d Kanner do worn. W i ech de Jampir dann du gefrot hun, fir wat et dem Dicks dann  gentlech zu R imech n t gutt gaange wir, du sot hien, den Dicks, deen h tt dach vun Tuten a Blosen an der Wiewerei keng Anong gehat. D Aarbechter h tte geschw nn eraus gehat, datt hien alles an der Kopp h tt, ma n ischt vun engem Gesch ft. Si hun d L ngent, de Wierg, a wat se da sollte wiewen, an d Sout op d Musel zou geschmass. Dat wir wouer, well w i et mat der Wiewerei eriwwer wor an d i Sout derno gebotzt gouf, well se verstopt wor, du hun se k ipweis dat fond, wou ech elo sot. Mat dem Broch uewent der Wandmillen (d i stung du nach do op R imech zou), do wor et n t besser. Den Dicks wor nun eemol kee Gesch ftsmann, an et as och ni een aus him gin!

Sou iwwer dem Poteren hun ech dann och vun dem Perpetuum mobile geh iert, dat den Dicks an der Baach vum Schlassgaart opgeriicht hat. Et huet ew i eng vun dene Millercher ausgesin, d i mir als Kanner och an der Baach gemaach hun. Et wor natiirlich eppes m i komplizi ert, ma fir den Dicks wor dat de Perpetuum mobile. Hien huet all Gaascht et gewisen ...

Eng aner Erfindong, vun d r am Jampir s nger Kannerz it nach St cker op dem

# Aus dem Dicks Seelentheft

Schlassspäicher lougen, dat wor eng Rechmaschin, déi den Dicks gebaut hat. Den Här de la Fontaine wor deemno also dach technesch nüt grad esou onerfuer, wéi dat dack behaapt gët.

Hie wor e grousse Fréind vum Muselwain. Dat as nüt némmen duurch déi vill Wäilidder vun him, oder vum Wain a sénge Liddér, bewisen, ma déi al Briedemésser hu gär déi Geschicht erzielt, déi dem Dicks op Kiirmesdag an der Wiirtschaft niewent dem Schlass passéiert as.

Déi Kiirmes as déi lescht am Jor, duerfir kann et geschéien, datt et emol fréiert. Déi Kéier wor d'Trap vun der Wiirtschaft voller Ais a glat ewéi eng Frell. Well den Dicks ziimlech laang dobanne wor, hat hie keng Anong, wéi kal et dobausse gi wor. En hat de Greechen och nüt mat de Féngerhitt gedronk, an e wor guttgelaunt, wéi en eraus kumm fir heem ze gon.

Wéi as et gaangen? Egal, op eemol as mäi gudden Dicks d'Trap eroferutscht a loug ganz verwonnert ënnen um éischten Tratt.

Grad deen Ament kënnt e Briedemésser a gesait de Spaass. Hien hätt musse laachen a wann den Dicks och ze Doud gefall wir, ma um Enn frot hien da ganz getreisch: „Ma Här de la Fontaine, a wéi as dat do da gaangen?”

— „Wat eng domm Fro,” sot den Dicks, „du hues et dach gesin, um Aasch!”

Will Reuland

## Et wor virun...

150 Joér. Den 8. Mee 1824 as eist Létzebuergescht fir d'éischt gedréckt gin. "T wor eng kleng Notiz am Lux. Wocheblat vum Antoin Behrens. (1825 koum e »schéint« Gedicht eraus: de leschte Wonsch vun engem Sof, 1829 dem A. Meyer säi: Schréck op de Létzebuerguer Parnassuss.)

125 Joér. 1848 as d'Société de Gymnastique, d'Gym, zu Létzebuerg gegrënnt gin. Gedeler, d.h. Mëmber worn den Dicks an de Lentz. D'Gesellschaft huet 1849 e Fuechtspill op létzebuergesch gespillt an 1855 dem Dicks säint éischt Theaterstéck: De Scholdschäin.

100 Joér. Virun honnert Joér as de Blannen Teis zu Eech gestuerwen. 1974 bréngt d'Post en Tîmber mam Portri vun him.

Virun 100 Joér koumen dem Méchel Lentz séng Hierschtblummen eraus.

70 Joér. Den 11. Oktober 1903 krut den Dicks an de Lentz an engem Eck vum Plëssdarem e Monument opgeriicht. D'ganzt Land wor op de Been.

60 Joér. De 17. Mäerz 1914 as den C. M. Spoo gestuerwen, 77 Joér al.

# Aus dem Dicks seiner Veiner Zéit

Wi d'Postkutsch vuan Déikrich op der Platz gehalen hot, as e klene Mann mat ruddem Hor a Speechlen am Gesicht erousgeklommen. De Veiner Weeschfraen, di sech dee bossige Männchen uagekuckt hon, hot sein Offiziérsschnurres a sei Bockbärtchen na-well nöt schlecht gefal, ma wi en d'Gaass ous gehippelt as, du finken se uan ze kicke-llen an dem Schouster-Misch sein Fra hot an den Housgank era gerouf: „Hee Misch, komm kuck ees, wat künnt hai e Krom-men!“ Enzock hot sech du den Dicks — well 't wor heen, deen 1881 fir Fridens-riichter op Veine kum — émgedrit a gesot: „An dee künnt fir Iech ze riichten!“

De Schouster-Misch, deen an der Musik d'Tromm geschloen hot, kum op Dir a réift: „Jëses Maria Jusebett! Dat do as deen, du-rich deen eis Musik 1852 um Concours an der Stat den ischte Préis nöt krit hot. Dee war an der Jury, di de Weltzer de Préis guf.“

Uewen an der Gaass hon d'Weeschfraen een deer anerer zougerouf: „Deen neie Fridens-riichter hippt!“ Ma den Dicks hot mi lues hiren, wi se gedoodht haten, an hee sot: „Jo, en hippt, en huet Speechelen am Gesicht a rout Hoër op der Kopp!“ Du waren d'Weeschfrae paff, datt dee klene gespeech-liche Männche mat dem streenge Mond an deem militärische Schnurres su witzig künnt sin.

Den Dicks war fru, datt hee Fridensriichter bei de »Veiner Geeken« guf. Fir d'ischt war e fru, datt e mat achttafzig Jor mol endlich een fest Platz krit hat, well war et keen Schan, datt de Jung vuan dem adlige Gouverneur a Staatsminister Ignaz de la Fontaine bis elo weider néist war wi en Affekot unni Uarbicht, e Schlasshär unni Gëld, e Wiäwerei-Direkter unni Erfollig? Dernié-went awer war den Dicks besonnesch fru, datt hee grad zu Veinen Fridensriichter guf, well hei hot heen di lësteg a schoussig Persunnen ous seine Koméidisstecker erëmfond. An di Veiner ware fru, datt deen neie Riichter esu e fréndliche Mann war, deen si

verstanen hot an nöt um Bouchstaf vuam Gesetz geriden ass. Well wi den Dicks sein ischt Sitzung um Gericht gehalen hot, kumen zwu Fraen, di een di aner »Geek« ver-nannt haten. „Wéi laang liefst Dir schon zu Veianen?“ hot den Dicks di ischt Fra gefrot. „Sechzig Jor!“ — „An Dir?“ frot en di zwett. „Ech ho fofzig Jor an ech hon nach émmer zu Veine gewoont!“ Den Dicks hot mam Kop gewankt. „Jo, jo, ech verstinn. Elo sin ech eréischt véierzeng Deg hei zu Veianen an ech spiren och schon“, an dobei hot e mam Fanger uan d'Stir gekloopt.

Wi d'Kiischten zeidig waren haten dem Noper sein Bouwen dem Klos heemlich Kiisch-te gepléckt. Ma de Klos hot kee Spaass verstanen an d'Saach op d'Gericht geholl. Den Dicks hot sech e winnig bedoocht, du lisst en de Klos kommen a schitt ém een Quetschendrépp erous, di de Klos fir sei Liäfdag gär gedrunk hot. A su gufen se sich eens, datt den Dicks d'Saach mam Noper sollt an d'Rei maachen. Wi de Klos fort war, hot den Dicks den Noper komme ge-loss, schitt ém eent gout Glas Wéin erous a sot: „Deen ale Geek as zu allem fähig an d'Kanner künnte Schwirkete fir hiirt spéidert Liewe kréien, dofir passt op, dass dat nöt méi virkénnt!“

Den Dicks war e richtige Fridensriichter, dee léiwer gesinn hot, datt der zwinn sech am Gouden eens gi sen, wi wann en dat schinnsten Uerteel konnt sprechen.

Su war den Néckel vua Grooljhen, een iér-lech Haut, uageklot weent einer Maark op der Gewan. Den Dicks hot sech d'Saach ua-gehiërt, an du sot en: „T as neischt Néckel, Du gëss nöt gestrooft. Géi bei de Picar an da léisst De der e gutt Mëtteggiesse mat en-ger oder zwou Schäppercher Wuermeldén-ger gin, an da gees De roueg heem.“ De Picar war de letzte Veiner Houtmicher an en hat den »Hôtel des Etrangers« uagefaangen. Séi Jung, de Picars Matti, war oochter d'Land bekannt als schoussige »Veiner Geek« an 't as vill doroochter vuan seine Spichte ge-schwat geen. „A wat man dann d'Veiner

Geeken?" guf de Matti zu Déikrich gefrot. „Ma se saften Huawer fir di Déikricher Iäseln", hot de Matti geantwort, unni sech laang ze bedinken. „Da sen ech nach lénwer e Geek wi en Iäsel, well e Geek kann op eenem Iäsel reiden, awer en Iäsel nüt op nem Geek!" Wi den Dicks du een Kiér dem Picars Matti begeent as, seet de Matti: „Wi as et mat denen dréi Frang drësseg, déi Dir mir nach ze bezualen hot?" — „Déi dréi Frang drësseg?" sot den Dicks, „dovu weess ech néisch!" — „Da kommt ees kucken", réift de Matti an en hot e mat era geholt, e micht de Schaf op an du stuung mat Kréid geschriwen:

#### ,,26.8. Dicks:

1 Mittagessen	1,50 Fr
1 Kaffee mit Quetsch	0,60 Fr
2 Schoppen Wein	1,20 Fr
Total	3,30 Fr

„Ma ech hun de 26. dach doheem gies", sot den Dicks. — „Dat ka sen, ma Dir hot awer den Néckel vua Grooljhen hir geschéckt!" hot de Matti geantwort. An du bluf dem Dicks weider néist iwig wi fir séint salomonischt Uerteel ze bezualen.

Den Dicks hat wi keen aneren de Veiner hir lësteg Sill erkannt an en hot zu Veinen dat gemat, wat em virdruan gehollef hat, sein gruss Koméidisstecker ze schreiwen: En hot sech mat dem Vollik opgehalen, et an der Wärekstat an an der Wirtschaft getrof, en hot opgepasst wi et geschwat hot a wat et gemat hot. Su konnt en erliäwen, datt dat, wat heen am Vollik geraf hat, durich sein Theaterstecker erém Volliksgout a Volliksblout geen as. Den Dicks guf e Volliks- an Nationaldichter, deem sein Léider wi Volliksléider gesunge gufen.

Vis-à-vis vuan dem Dicks seiner Wunnicht war d'Wirtschaft Trempert, wu di Veiner dem Dicks sein Stecker un dene laange Wanterowenden gespilt hon. Wann se da scho Woche virousser geprouft hon, kum op eemol eepes wi de Pélzebock d'Trap erop getrompelt, e Staf hot d'Dir opgestuuss an da stuung den Dicks selwer am Sall an en

hot nogelouster wi se de »Scholdschéin« udder »D'Kirmesgáscht« geprouft hon. Dann hot den Dicks sei Staf gehuewen a selwer d'Musikanten dirigiërt. Wann awer ent Léid nüt esu geklungen hot, wi heen sech et gedoocht hot, da gare la Box! Da guf de kleene goutméidige Männchen biis an hot sech gréin a giäll geärgert bis alles geklappt hot.

Am Summer hon d'Musiken an d'Gesangsvereiner hir Ousflich gemat an dacks kumen se op Veinen dem Dicks e Ständchen ous der Dicksiana geen. Am Summer kumen och vu Jor zu Jor mi Touristen, zanter där Zéit, wu Veinen dee grusse fransiischen Dichter Victor Hugo su fréndlich emfaangen hat, deen d'Schinnhete vua Veinen a seiner Landschaft an der ganzer Welt bekannt gemacht hot. De Victor Hugo hat gehollef d'Touristen op Veinen bringen; den Dicks hot hinnen den ischte Guide geschriwen, »Vianden et ses environs«, deen 1885 beim Schaumburger erouskum.

De Victor Hugo hot sech fir di Veiner »Misérables« agesat, fir d'Affer vuam grusse Brand vuan 1871 a fir di orem Giärwer, di op der Our mat de Féiss d'Lu zu eenem Kouch getréppelt hon. Den Dicks hot sech als Miseler besonnisch fir d'Veiner Wénzer interessiert, di um Schloossbärig zanter Jorrhonnerten hiren »Dreimeenerwéin« gezillt hon, deen su sauer war, datt se émmer dréi Meener gebrought hon, fir en ze drinken. Den ischten hot dat sauert Krout gedrunk, den zweeten hot ém et d'Strass erof geschutt an deen drëtten hot en uagehalen, fir datt en nüt fortlafe konnt. Biis Zungen ho gesot, noochts missten d'Kloke lauden, fir datt d'Fraen fir Meener op di aner Séit drië kénnten, wa se dees Geséff zevill gedrunk haten, soss déit den Dréimeenerwéin hinnen um Een de Moog op einer Séit durichfreesen. Ém 1890 wollt den Dicks e Veiner Wénzerverein gründen fir de Veiner Wéin ze verkafen, ma en hat nüt vill Erföllig, an drëssig Jor dorno sin di leetzt Wangerten zu Veinen verschwonnen.

Den Dicks hot sech och fir »d'Veiner Wéisserten« interessiert, di als typisch Vertriebler vuan de »Veiner Geeken« oochter d'Land gezuege sen, fir d'Häiser fir d'Kirmes ze wéissen. Ëm 1884 hot den Dicks den »Veiner Wéissert« geschriwen, eng »humoristesches Solocène«, wéi hee selwer seet, a wu et heescht:

„Vum Alemaart do wor méng Mamm  
Méi Papp dee wor vum Béchel  
Dir wësst si wor keng grouss Madamm  
An hien de Wéissert Méchel . . .  
Zu Veianen, do gët lo neischt  
Ze reissen an ze beißen  
Wann d'Mannchen och e wéineg kreischt,  
An d'Friemd duer gees de weissen . . .  
Wat jonk as muss an d'Welt eraus  
Do gët et Aarbecht, Suën,  
An du gung ech de Biereg aus  
A sin an d'Friemd gezuen . . .“

Gruss Theaterstécker hot den Dicks nüt mi zu Veinen geschriwen. »En as rosen«, dem Dicks séint leetzt Stéck, an deem e Musikanter mat seinem rosenen Hond, deen dee selwichtchen Nom hot wi heen, verweesselt gët, kum 1885 erous. An »Eng Stëmmmonk« gët de Schwéinhiërt vuan de Fraë bei de Gemeenewalen zum Burgermeester gewielt, »Nondikass« as nuren een Rei vuan den un-warschéinlichste Verweeslungen am »Schouster Boubou« a guf spidder vuam N.S. Pierret feerdig gemat. Uan dem Dicks sein Erfuarnëssen uam Geriicht erënnert di kleen Szeen »Um Friddensgeriicht«.

Zu Veinen hot den Dicks sech haaptsächlich mat Uarbichten iwer al Gebréicher beschäftigt, well 't as wual keen Uertschaft am Land, di su vill al Gebréicher hot wi Veinen. D'ganzt Jor durich freén d'Schullkanner sech schunn op dat nächst Fest. Am Hierst, wann d'Schull uafinkt freén se sich op de »Miertchen«, deen am November vruan Mäertesdag gebrannt gët, da kënnnt de Kleesje mat dem »Pélzebock« a schu muss een aan de Kostüm fir »Fetten Donnesch-

dig« an d'Fuasicht dinken. An der Karwoch kënnen d'Kanner da mat de »Scharpen« a mam »Jaudes« goen, gléich no de Pingste kënnnt d'Kirmes an dann d'gruss Vakanz. A seiner Veiner Zéit hot den Dicks al Soën, Gebréicher a Volleksléider opgeschriwen. Dat war némme möglich, well en ni den Émgank mat dem Vollik verloër hot. Dacks suz e vis-à-vis beim Trempert an der Wirtschaft béis eenem goude Glas Miseler mat de Veiner ze diskutiren. Su hat en och Allerheiljen mat e por Frénn bis spitt an d'Noocht era gefeiert. Wi et Feierowend war, hot den Dicks némmen iwer d'Gaass ze goë brouchen, fir heem ze kommen. Di aner awer sin d'Gaass of getrompelt an hon su hoort gesungen wi se konnten. An e por Wochen drop stuungen se vruan dem Fridensriichter Dicks, well se weent Nootsspektakel uageklot waren. „Erzielt emol wi dat gaangen as“, hot den Dicks dutteescht gefrot, an du finkt een vuan seine Frénn uan ze erzielen: „T war Allerheiljen, Här Riichter, an all Eenglen an Heilig am Himmel ware fru, a mir ware fru mat hinnen, a well mir su fru waren, Här Riichter, ho mir uagefaangen ze sangen . . .“ Den Dicks finkt uan ze schmunzen an en hot se no eener eeschter Waréng heem geschéckt.

De 24. Juni 1891 as den Dicks uan eenem Halsschwier zu Veinen gestuerwen, an dréi Deg dorno guf en um Veiner Kirftich begrauwen. Op seinem Graf hot de Pol Elter op franséisisch geschwat an den C.M. Spoo hot sein lëtzeburgisch Ried opgehalen mat de Wieder ous dem Dicks seinem »Scholdschein«: „. . . an deint treit Hierz war ons Gléckséilegekeet.“

Veinen hot séi goude Fridensriichter Dicks nüt vergiess. Fir séin honnersten Geburtsdag guf den 8. August 1923 een Marberplack uam Dickshaus uagemat an 1966, fénnef-asiwenzig Jor no dem Dicks seinem Dutt, krut eisen Nationaldichter zu Veinen séint ischt eegent Monument am Dicksgäertchen.

E puer Zenen aus dem *Jos Berrens* séngem neien Theaterstéck

# »Den Hexemeeschter«

1. Akt (spillt am Himmel)

8. Zeen

*Dicks:* (*hippt mam lénke Been, stäipt sech op e graffe Bengel, mat deem e fest op de Buedem knuppt. En huet d'Min vun engem,deen näischte ze fäerte brauch. A sénge wiwen Aë sëtzt de Luussert. E mécht alles ouni Jhirimiri an as allzäit wuelgemutt. An der fräier Hand schwenkt en eng Fläsch Wäin.*)

*Sprochmates:* (*hannendrun*) Hei hu mer en.

*Orchester:* (*begleet op d'Weis vum »Hexemeeschter« en Akteur, dee séngt*):

Hien as e groussen Hexemeeschter,  
Huet onser Sprooch all Gutts gedon,  
Et worn allzäit all kleng Geeschter  
Him énnerton.

*Conrad:* Moijen Edmond!

*Dicks:* Wëlls de mech wuel mat méngem  
éierleche Numm nennen.

*Conrad:* Moijen Dicks! Wéi geet et? (*Gi sech d'Hand*)

*Dicks:* Op zwee Been ewéi eng Gäns.

*Conrad:* (*laacht*) Nach émmer deen Alen!

*Conrad / Dicks:* (*schwätze pantomimesch matenän*)

*Schläifstääin:* (*geet bei se a gët dem Dicks d'Hand*)

*Néckel:* (*méi lues zum Sprochmates*) A wou  
koum Lafontäns hiren un dee Numm?

*Sprochmates:* Ma wéi den Edmond nach  
esou e klenge mockeléche Bërschtsche  
wor, du hat d'Familjen eng Kéier e prei-  
sesche Generol op Besuch. Deen huet dee  
klengen Edmond am Spaass an d'Luucht  
gehuewen a geruff: „Da hab ich ja etwas  
Dick's gefangen.“ Dat huet dem Edmond  
sou gutt gefall, datt en herno deen  
Numm fir sech gehalen huet.

*Néckel:* Kuck elei! Sot, Mates, ech hat ganz  
vergiess, dass e ging hippen.

*Sprochmates:* Wéi e kleng wor, krut en  
d'Riedelen, an duerno blouf säi Been am  
Wuessen zréck.

*Néckel:* Jëmmenauen! A ween hätt dat ge-  
duecht?

*Sprochmates:* Duurch dat Been huet e jo och  
eng Kéier op der Trap vum Café Lauthen  
zu Briedemes den ieweschten Treppéck  
verfeelt an as ewéi de Blëtz d'Trap erof  
gesaust. — Zettegall. — Wann en och  
deemools op de Réck gefall wor, op de  
Mond wor e keemol gefall. Wéi e mat en-  
gem aneren Affekot, deen och gehippt  
huet, Riichter genannt gouf, du sot en:  
„Haut sin zweí Schlammer Riichter gin.“

*Néckel:* (*laacht ganz haart*)

*Dicks:* (*kuckt eriwer*)

*Sprochmates:* Komper Dicks! Hei as nach  
ee vun Eren. Kennt Der en nüt? De  
Fieschter Néckel.

*Dicks:* (*gët dem Néckel d'Hand*)

*Schläifstääin:* (*bekuckt an där Zäit d'Fläsch,  
déi den Dicks matbruecht huet*)

*Dicks:* Ech mengen, ech kënnt mech erënne-  
ren. De Fieschter Néckel — de Fieschter  
Néckel — (*dénkt no*). Majo, lo hun ech  
et. Du has Féiss wéi e Bannpréiter an hues  
mer am Gaart d'Viéilercher zertréppelt  
an du has e Mo wéi e pawete Stall an  
hues mer d'Spënnche rengleich gebotzt. Du  
hues de d'Schäss kritt.

*Néckel:* Ech hun Iech awer näischte nogeha-  
len, Här Dicks.

*Dicks:* Looss den Här doheem, Néckel!

*Schläifstääin:* (*zum Dicks*): A wou huet Der  
di Fläsch hei hir, Meeschter?

*Dicks:* Ma déi hun ech elo grad bei engem  
Concours gewonnen.

*Schläifstääin:* Bei wéi engem Concours?

*Dicks:* So du him, wéi et gong, Sprochmates!  
Ech si midd wéi e Mued. (*Setzt sech a  
botzt de Schweess of*)

*Sprochmates:* Majo, et gong drëm, den Ue-  
dem, deen sech verstoppt hat, ze fannen.  
An de Komper Dicks hat e geschwë mat  
der Krawaatsch.

**Conrad:** Ma en huet e jo guer nüt kannt. En hat en dach nach ni gesin.

**Spromates:** En huet dee gesicht, dee keen Nuebel huet. 'T as nuren een esou hei uewen. Bong schieng, chasse de race, seet de Fransous.

**Schläifstän:** (*dem Dicks séng Fläsch an der Hand*) Déi do as gemeen. Lauschttert emol, wat hei op där Etikett stät! „Engelswäin“ — ouni Zocker garantéiert — huelt Iech en uecht virun den Imitatiounen.“ Dat as fir is Miseler geménzt. Da woart! (*bieft an enger Roserei d'Fläsch, fir se an den Eck ze jhummen*).

**Himmelsstëmm:** Halt! Wat gät Iech un? Wésst Dir nüt, dass Der d'éiweg Doudesstrof erwéscht, wann der Engelswäin versabbelt?

**Schläifstän:** Ou? 'T wäerd alt nüt esou schlëmm sin.

**Himmelsstëmm:** Dach, 't as schlëmm genuch. Wésst Dir dann och nüt, dass den Engelswäin en Artikel vun eisem Fënnéf-Äoneplang as. Alles, wat eiser Produktioun schuet, as en Ongläich un eiser Himmelsökonomie.

**Schläifstän:** Abée jo! Ma da braucht Der dofir awer nüt di aner Wäiner erofzemaachen.

**Himmelstëmm:** Mir man déi aner Wäiner nüt erof. Mir gin némnen de Wäindrénker e gudde Rot! An nun drot Eer Fläsch an den Distrikt 3!

**Schläifstän:** Wat as dann do lass?

**Himmelstëmm:** Do as d'Metzlerei. Da gët se an d'Wainzoossiss gemaach.

**Schläifstän:** De Miseler as ze gout fir an eng Zoossiss.

**Himmelstëmm:** Gitt Der da bal?

**Schläifstän:** (*iwer dem Fortgo verbruert*) An d'Zoossiss kënnt e jo dach nüt.

**Himmelstëmm:** A wofir dann nüt?

**Schläifstän:** Well d'Metzleren e selwer drénken an dann an d'Zoossiss hauchen.

**Himmelsstëmm:** Lo gët et awer Zäit.

**Schläifstän:** (*séier fort*)

**Conrad:** (*zum Dicks*) Déi Wäigeschicht do, dat erénnert dech dach sécher un déng Bredemésser Zäit, gelt Dicks? Wéis de Buurgermeeschter woors.

**Dicks:** Dat wor nach laang nüt déi schéinst. Ech wor et jo och nuren dräi Jor. De Gemberot as dacks e gemenge Stot.

**Sprochmates:** (*zum Conrad, weist op den Dicks*) Séng schéinste Stonnen hat onse Frénd hei, wann e mam Durbach vu Bous um Perpetuum mobile geschafft huet oder wann en, trotz séngem onggerueder Been, vu sénger Spénnerei zu Réimech bis erof no Bredémes geschwommen as.

**Dicks:** (*schmunzt séileg*) Dat sees de gutt, Mates.

**Sprochmates:** Kuckt! E schmunzt ewéi eng Gáns, déi en Apelbatz am Schniewel huet.

**Dicks:** Ja, ech géif esou gier mat all denen Tricken elei rëm virufueren, 'T fällt ee jo émmer op déi al Féiss.

**Sprochmates:** De Wollef verléiert séng Hoér iewel séng Naupen nüt.

**Néckel:** (*zum Dicks*) Loossen se Iech dann nüt gewäarden?

**Dicks:** Ma neen. Ech kréien d'Seelchen nüt laang gelooss. Si son, de Perpetuum mobile wir eppes Onméigleches, esou guer fir den Himmel.

**Conrad:** A mam Schwammen, wéi as et dann domat?

**Dicks:** Náischt as náischt.

**Conrad:** Wéi dat:

**Dicks:** Ma du Herrgottskand! Hei uewen as jo kee Waasser. Hätt ech alt wéinstens mäi Bredemésser Clavicimbel hei. Da kénnt ech, eng Grimmel spinnen an derbäi sangen.

(*baussen héiert ee spinnen*)

**De blannen Teis** (*mat der Gei*).

**De Jhorgeli vu Gréiwemaacher** (*mat der*

*Dréiuergel) (spillen »Zu Arel op der Knippchen)*

*Dem Theis séng Fra geet mat engem Teller ophiewen.*

### III. Akt

(Um Knuedler zu Lëtzebuerg an eiser Zäit. Heiansdo gi Passanten eriwer.)

*Dicks/Sprochmates: (a modernem Gezei, kommen eran, hun d'Mäntel um Aarm hänken)*

*Dicks:* 'T kennt een d'Plëssdarem dohanne jo nüt méi erém.

*Sprochmates:* Déi heescht elo de »Salon« vun der Stad.

*Dicks:* Ou? An am Salong spinnen d'Bouwe mam Ball?

*Sprochmates:* Ajo! Dergéint duerfen d'Autoën ower nüt do parken. Dat mécht d'Saach erém kitt.

*Dicks:* (bleift op eemol ston a weist mam Fanger, an enger Freed) Ma do as jo mein Hemechtshaus, Sprochmates, — mein Elternhaus. 'T huet sech och verännert. (No enger Paus) An dat elo? (weist op d'Autoën, déi parken) Wat sin dat fir Gefierer?

*Sprochmates:* Ma dat sin Autoën. Déi gi mat engem Motor gedriwwen a bannena rénkt een iwwer dem Fueren —

*Dicks:* Da rullen déi Maschinen, wuer een hi wéllt?

*Sprochmates:* Nét émmer.

*Sprochmates:* (weist op d'Autoën) Dat as eppes anesch wéi Eer Kitschelchen —

*Dicks:* — mat Ieselsgespann, jojo —

*Sprochmates:* — mat där Der op de Lampertsbierg gefuer sid.

*Dicks:* Jo, mei Papp hat do e schéint Schlass am Lafongténgsbëschelchen, wou ech vill mat méngem beschte Komerod, dem Wittenauer gespillet hun. — Ajo. A spéider gouf den Iesel duurch e schwaarzt Päerd ersat. (Nodénklech) Dat wor eng schéin

Zäit. Wofir as si nüt stoë bliwen an Eiwegkeet gin?

*Sprochmates:* An Dir hätt oft beim »Kadusch« an der Wirtschaft um Lampertsbierg énner de Metzler gesiess, déi do verkéiert sin?

*Dicks:* Jo, ech hun en alt heiånsdo e Kallef op méngem Gefier mat an d'Stad geholl. Ech war émmer gär énner de Leiden, zemol énner dem Vollek. Beim Vollek soll den Dichter uklappen, dann as e gutt beroden.

*Sprochmates:* An d'Affekotenzäit?

*Dicks:* Do hun ech mech méi mat Musek a Folklor ofgi wéi mat all dene Saachen, déi ech zu Léck an zu Heidelberg op der Universitéit geleiert hat. — (Kuckt an d'Kulissem) Hei, wat kommen dohannen der fir zwee!

*Sprochmates:* (kuckt) Dat sin Hippis. (Kuckt méi genee) A neen, ech hu mech giirt. Dat sin Touristen. D'Hippis si méi knaschteg.

*Dicks:* Wat as dat, d'Hippis?

*Sprochmates:* Ma dat sin eis modern Diogenëssen. Si wunnen ower nüt an engem Faass. Wann een Hippi méi knaschteg wéi en aneren Hippi as, da kénnt dat némmen dohier, datt e méi al as. Hir Lievensweis: Iessen — schlafen — a mate-neeschlofen. Hir gréisst Aarbecht as, driwwer nozedénken, wéi se sech dat kenne leeschten, ouni ze schaffen. — Neen, dat do hanne, dat wäerten hollännesch Touriste sin!

*Dicks:* D'Duechter an d'Mamm.

*Sprochmates:* 'T as éischter Séschter a Séschter.

*Dicks:* Wann s de nüt gees!

*Sprochmates:* Solle mer da wetten?

*Dicks:* Wéi gi mer da gewuer, wee Recht huet?

*Sprochmates:* E gi se fron.

*Dicks:* An der Rei.

2 Touristen mat laangen Hor a schwéiere Rucksäck, awer kee Baart.

Sprochmates: (geet op se dur) Verzeihung!  
Sprechen Sie deutsch?

1. Tourist: (wénkt jo a weist op deen aneren)

Sprochmates: Sie müssen schon entschuldigen. Aber wir beide (*weist op den Dicks*) haben gewettet, ob Ihre Begleiterin — sie sieht noch so jung aus — Ihre Schwester oder Ihre Mutter sei.

2. Tourist: Nein, das ist mein Vater.

Dicks/Sprochmates :*(si paff)*

Sprochmates: Ach so, Ihr Vater. Naja, danke schön! Und entschuldigen Sie nochmal!

2. Tourist: Bitte sehr!  
(2 Touristen: of)

Sprochmates: A wat sot Der dann elo?

Dicks: Ech gesinn, d'Welt as am Moud al verwurelt gin.

Sprochmates: Nét némmen am Moud. Looss mer viru gon!

Jos. Berrens

## Mir krute geschriwwen:

Gesicht gët e *Lidderbichelche* mat lëtzebuergesch, däitsch a franséischen Texter, 9,8 cm héich a 6,5 cm breet. Et huet 202 Säiten, as ém 1880 erauskomm. Titel: *Luxemburger Liederbüchlein*. Kennt een dat Bichelchen, 't as eppes wéi e klengt Gebietbuch. Äntwerten un d'Redaktioun.

\*\*\*

Gesicht gët déi komplett Zeri vum *Dicks* séngen *Theaterstécker* mat Texter an Nousten, déi 1894 am Verlag Will Stomps erauskomm sin énner dem Titel *Vollständige Gesamtausgabe der Operetten in Luxemburger Mundart von Dicks (Klavierauszug mit vollständigem Text)*. Et sin 12 eenzel Bänn, déi ech och géif kafen, wann se schons gebonne wiren.

Schreiwen un den Ander Hatz, 28, Schanzstrooss, Eechternach.

\*\*\*

16. Januar 1973

Dir Hären,

„Wéi d'CECA an d'CEE gegrënnt goufen, sin d'Franséisch, d'Däitscht, d'Hollännescht an d'Italiéinescht als offiziell Sproochen an als européiesch Aarbechtssproochen deklariert gin.

Dräi nei Länner sin elo derbäi komm, an domat sin d'Englescht an d'Dänescht Offiziell- an Aarbechtssproche gin, d'Irlännescht offiziell Sprooch (nét Aarbechtsprooch). \*)

1951 an 1957 ware mir bescheiden an hun nét um Recht bestan fir d'Lëtzebuergesch d'offiziell européiesch Unerkennon zu verlaangen. Wat awer 1973 fir ee vun eisen Nopere gutt as, soll eis och léif sin. Eis Leit aus der Regéierong an der Châmber sollen elo dofir suergen, datt eis Sprooch och européiesche Wäert kritt, an d'Actioun Lëtzebuergesch kann do eng Hand mat upaken. Et as vläicht méi wichteg wéi mir elo menge a spéider iergeren eis Kanner sedh iwwer eist Gekludders, wann si duerduurch politesche Schued hun.

Ech weess, datt dës Iddi dësen odder deem vermesse schingt, awer et hängt, wee weess, vläicht vill méi dervun of wéi mir mengen.

\*) No irlännische Statistike gët hir Sprooch némme vun 80.000 Leit an Irland geschwat. — 300.000 Lëtzebuerger misste bal déi nämmelecht Rechter hun wéi 80.000 Iren.

# Demy Schlechter

(1884—1923)

Viru 50 Joér as ee vun eise Lëtzebuerger Dichter gestuerwen, nach ganz jonk, 39 Jor al. Den *Demy Schlechter*.

E gouf gebuer zu Donkels am Wëlzer Kantong, un der belscher Grenz, de 16. Februar 1884. Säi Papp wor Douanier, dee méi al gouf wéi sái Jong a mat 92 Jor eréischt 1944 gestuerwen as.

Den Demy koum op Dikrech an de Kolléisch, mä no der Sixième musst en ophalen, sief et, datt d'Pai vum Papp ze kleng wor, sief et, datt si doheem geduecht hun 't wir besser fir en, wann en an d'Léier géing fir e verstännege Beruff ze léieren. E koum dunn och an e bekannt Stater Geschäft fir Léierjong a sollt Geschäftsmann gin. Déi Léier konnt him dat awer nüt gin, wat en am Kolléisch ugefaangen hat a wat em uewe loug, dofir huet en a sénger fräier Zäit — déi wor rar deemools mat 12 a méi Stonne Schaffen den Dag — nach viru fir sech geléiert a stodéiert. Geschwë wousst en e Séllechen iwwer Litteratur a Konscht, an du huet en och ugefaang ze schreiwen. Dat wor fir d'éischt op héidäitsch an dono op lëtzebuergesch. D'Freed um Lëtzebuergeschen hätten him »D'Hemechts-téin« vum Willy Goergen gin. Vun Ufank u wor en an der Nationalunioun an déck Mann mam Siggy vu Lëtzebuerg (de Professer Lucien Koenig), séng riechts Hand, heescht et.

Sain éischt Theaterstéck *Esou sin s'all* wor nüt grad gutt geroden, well en d'Handwierk vum Theater nach nüt kannt huet. Sain zweet Stéck *Wat den Himmel huet gebonnen* (Operett an zwéin Akten, Musek Pol Albrecht) as eppes besser geroden. E Kannerspill *Wat de Villche vum Kréschtkénnche krut* gouf „eng Kéier op engem Kréschto-wend um Lampertsbierg vum »Cercle amical« gespillt an as zénterhier nüt méi opzé-driewen“. En anert Stéck *Et worn zwee Kinnekskanner*, an deem hat den Dekorateur dat meescht ze maachen, wor nüt zem Allerbeschte geroden, heescht et. *Déi heleg*

*Eerd* hat en an der Aarbecht wéi e gestuerwen as. „Hätt hien déi néideg Zäit a Rou gehat“, schreift den F.L. an der Jong-Hemecht 1928, „et wir sécher e Stéck gin, mat deem hien eng Éiereplaz an onsem Theater kritt hätt. Mä, wat elo virläit as grad esou haart an dréche wéi Sotkären, déi fir d'Fréijor prett do leien.“

Am Krich (1916) koum e Band sénger Saachen mam Titel *Violulen* eraus. En anere Band Gedichter mam Numm *Nei Violulen* blouf am Manuskrift leien.

Zäit a Rou huet den Demy Schlechter nüt kannt (eng Ursach vu séngem fréien Doud, en huet sech wéinst enger hongreger Gripp nüt versuergt). E war an esou ville Veräiner derbäi, déi mat Musek a Ge-sank an Danz ze din haten, e. a. Président vun der Federatioun des Sociétés dramatique du pays, Mémber am Comité vun dem Stadttheater, Mémber vum Organisationskomitee fir d'Dicksfeieren 1923. Dernieft hat en ugaanks e Geschäft, dat en duurch de Krich huet missen opgin, dono wor e Resender an nach Papp vu fénnef Kanner.

Koum e sénger Zäit nüt zem beschten ewech an der Kritik, en hätt sech zevill un dat Däitscht gehalen, da freeet een sech, wat den Demy Schlechter äis haut nach zu soen huet. Am beschte gefalen nach séng Ballad »Den ale Geldschrän« an dem »Renert sain Enn«. An dem »Renert sain Enn« huet en dat Richteg drageluegt, grad esou bësseg a grad esou verhuelen wéi een sech et vum Renert erwaart. Séng aner Gedichter a Prosastécker sin alt nüt schlechter wéi munnech soss aus där Zäit. Dat as et wat een ze dacks an ze liichtschaz vergësst, d'Zäit an där eppes geschriwwen gouf. Hei wor et déi vu virum a bant dem éischte Weltkrich, 't wor d'Zäit vun der Aarmutt, vun där haut kee méi eppes weess, d'Zäit an där Bouwe vun zéng Jor bei de Bauer d'Kéi hidde gaange sin (fir de Kascht an e puer Schong ze kréien), d'Zäit, wou nach Heescheleit doërueter ge-

zu sin — wie vun eise jonge Leit huet nach e richtegen Heeschemann gesinn? — an dat as et wouriwwer e schreift an sech ausléisst. Wann dem Demy Schlechter och nüt de groussen Dichter wor, wéi et bei de Leit heescht, da muss een awer unerkennen, wat e gemaacht a gin huet an där kuurzer Zäit, wou e gelieft huet. Säi Wierk wir e Fragment, heescht et, grad wéi säi Liewen nämmen e Brochstéck vun engem Maansliewe wor. — Hien huet an dene puer Joér gin a gedon wat e konnt fir d'Létzebuergesch a fir séng Hemecht, déi deemools sou a Gefor wor. Dofir huet e gestridden a méi wäerd en nüt wollt hun. An dat geet déck duer fir 50 Jor no séngem Doud un hien ze denken, an — en nüt ganz vergiessen ze loossen.

Heng Rinnen

Quellen: Jong-Hemecht (Erausgin vum Vic. Neuens). Nr. 4—5 Febr. 1928. Fernand Hoffmann: Die Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung. Bd. II. Lucien König: An der Wirkstad vun de Jonglötzebuerger Dichter, I. Deel. 1927. —

Dem Ger. Schlechter soë mer merci fir séng Héllef.

## Aus »Dem Renert ... sain Enn«

Demy Schlechter

...

Fänkt kee mer un ze dichten  
A Liddercher ze man,  
Well éischtens, dat Geschäftche  
Bréngt rose wéineg an.

An zwetens stéisst hien émmer  
Bei enger Parti un,  
Wéllt hien en all gefalen  
Da schlön s' en all op d'Dunn.

Den Ochs, dee kuckt geléiert  
A seet: „Et as nüt echt“,  
An all dat anert Rëndvéi  
Dat fënt et dann och schlecht.

Den Iesel weess z'erzielen  
Eng Halschecht wär gefléckt,  
Déi aner, déi wär sécher  
Op frimme Beem gepleckt.

An d'Schwäin, dat hätt déi Lidder  
Méi sätteg gär gehat,  
'T fänkt duerfir un ze schnéfflen  
Géint jidder Figgeblat.

An d'Gänsercher, déi schnadderen:  
„Mon Dieu e simple Füüss,  
Die kënnt een ênuiéieren  
Mat sénger aarmer Müs“.

Wiem dann no all deem d'Diichten  
Nach émmer nüt vergeet  
Die muss schons laang gepaakt sin,  
A mir, mir deet e leed.

...

# Roby.

Ohe' dir Leib, wat mings der muol  
 Kann ech enol me' gro'ss sin,  
 An net me' heimlech meinger kann  
Alt mach mol op de Scho'ssin.

Do lafen ech an d' Welt crues  
 Keit fort. Do Reut dir lachen.  
 Do faunen ech eing Hillewull  
 Der allersche 'nsler Lachen.

He' broden ech mir op eng Kar  
 A kommen en heingeyser  
 Mat meingen Lorsch, an d'ndes  
Mat einer Bäsch voll Luer.

Do stellen ech mich gro'ss an d' Gans  
 Ho's all <sup>z</sup>ermome lafen.

Ohe' dir Leib, wat Noach is d' Welt  
 Den hei die welt se Räfen".

D. J.

# Hary Trauffler



(1890—1971)

Et sin elo gutt zwee Jor, datt den Hary Trauffler äis fir émmer verlooss huet. Ais, dat heescht séng Famill, séng Frénn a virun allem d'Frénn fir »Eis Sprooch«. Hie wor 1950 derbäi wéi nom Krich nees eng Kéier ugefaang as gin, an e wor scho laang virum Krich ee vun denen, déi fir d'Létzebuer-gescht vill vu sénger Zäit a sénger Kraaft, nieft sénger Schoul derfir gin huet. Gebuer zu Bungeref de 17. November 1890, e klengt Duerf am énneschten Éislek, un dat en émmer mat Läif a Séil gehaangen huet — fir all Festbroschür vun do wousst en eppes ze schreiwen, wat Hand a Fouss hat — as en zu Mamer, sénger zweter Hemecht, den 18. Dezember 1971, gestuerwen.

Well en esou ganz gutt geléiert huet duerft en och virugon, an d'Stad an d'Normalschoul. E krut séng éischt Schoulmeeschteschplatz zu Bélsdref (1910), zwanzeg Jor al. Nom Exame koum en op Holzem (1913) an 1915 op Mamer. Do as e bliwwen. En huet séng aner Examen nach gemaacht, déi fir d'Owesschoul a fir d'Oberprimärschoul. Nom Krich 1914/18 huet en sech onbezuelten Urlaub geholl a goung e Jor op Paräis virustudéieren. 1920 wor en erém zu Mamer. E Schaffpäerd, mat enger grousser Intelligenz, huet en 1921 eng Kannerzeitung geschaf, déi all Mount erauskoum an den Numm »Morgenglocken« hat. Et wor eng léif Zeitung, déi een als Kand gär gelies a stodéiert huet. An nach dernieft huet e geschriwwen fir d'Kanner, fir de Kannertheater. 1922 koum sain éischt Kannertheaterstéck »Zockerzongen«, dat am Vollekshaus zu Létzebuerg fir d'éischt gespillt gin as. Beim Worré-Mertens um Lampertsbierg si séng Theaterstécker an aacht Bännercher erauskomm (am Katalog vun 1966 heescht et, d'Zeri géif virugoen). A weider schreift e Seércher a Geschichten, an as mat Läif a Séil derbei, wou fir d'Létzebuergescht gewuddert gét. All séng Aarbechte sin unerkannt gin, vun alle Säiten. Wéi gesot, wor en 1950 derbäi wéi »Eis Sprooch« gegrénnt gouf, mä e konnt dat aremt Geméssels nüt

verdroen an en huet sech vu sénger Platz, dem Caissier, zréckgezun, fir awer nach matzeschaffen, mat derbäi ze sin, fir ze zéien an ze drécken an zesummenzehalen. Wéi de Létzebuerger Dixionär ugefaangen huet erauszekommen wor en och nees dár een dee sái Wéssen a séng Kraaft, säint Gesammelt gär gouf a mat Häierz a Séil matgeschafft huet. Mat enger Gréndlechkeet, déi ee soss nöt dacks gesäit, huet en an den Texter báigesat, verbessert an ausgebaut. Hie wor et deen do séng Géigend aus dem Réideiner Kantong vertratt huet an zu Wuert komme louss. Dat huet e gemaacht bis e gestuerwen as.

Den Hary Trauffler huet gär mat Rot an Dot gehollef, en hat e gutt an e spaasseggt Wuert, a wann et onbedéngt musst sin, och méi en eescht. Séng Menong wor oprichteg, a frou war e, wann eng nei Liwwerong vum Dixionär odder soss e gutt Buch op Létzebuergesch erauskoum.

Séng Verdéngschter fir d'Létzebuergescht hun d'Unerkennung fond; 1945 gouf en effektive Member vun der linguistischer a folkloristischer Sektion vum Institut G.-D. genannt, e blouf et bis zum Doud. Ernimme mer nach esou niewelaanscht, datt en och geschichtlech Article geschriwwen huet, wéi an der Festschrëft vun de Pompjeën zu Bungeref, Holtz, an iwwer d'Oberprimärschoul vu Mamer.

Den Hary Trauffler lieft esoulaang wéi Létzebuergesch geschwat gét, et ka keen en op deem Gebitt iwwersin. E bleift äis all a gudder Erënnerong.

## Ergänzung zu „den Aschvoller Scholdhun.“ S. 173

Scholdhu bis iwer d' Ourea - de Goekel voll.. - eraa sen-  
 en weess weder dan nek sas - en ass krupps - rufje niet -  
 en ass da gaang - verhypothekht - e weess nit mei wou  
 en ee sou soll herhuelen - verschold - ee Schold dasch-  
 c läit hauen dan - e bent nit mei eraus - e kroft  
 kee Fouss mei op de Buudem - d. Wasser steht em bis  
 un den Hals - en huet kee kredit mei - e kritt kee sou  
 mei geldint - e paift aus deem lechte kiel - en ass kapott  
 de Haan mit der groesser Biide kent geschwünig vir und gitt  
 et ass naïsch mei loss - et ass naïsch mei seugt - ek  
 geht viren - en ass zeidig - sihaelen en mit der Kopf -  
 egte gedoe - alles geld romp dan Stomp iwer - gek  
 versteet - d' Haas get em iwer dem Kopf versteet -  
 den Di'rene echter leeft em d. Haas of - e mecht engt  
 Lad op fir daat auert je stoppen - en ass ferdig; e kann  
 apaaken. die mecht nit mei laang Hößelt - deem huet aus  
 geschiedert, geshoudert a.s. nien - e fönd kee drechener  
 Buudem mei; d. Waaser steht em bis un den Hals - en ass  
 verbaags. daat Haas haukt geschwünig um Bengel - daat  
 an ee vull fir d. Kraag. fir deer an kee kraut mei geuee -  
 en miss d. Blaad bojen - ca an Jou a Morghölleg - d. Schold  
 wiigt em iwer de kapp, fört en op - d. Schold hooft sed -  
 daat an heng, nit een dibbelche Schold - maach ee kraag  
 derdeerech, de kriekesson - daat hauft d' an de  
 Schooschleg schliiver. en huet sed hauve geloovt; e  
 kent nit mei mat - den Autrem fröppen - en dreit da -  
 L'eeva laang dorun - e bent nie mei op drechener zueden.  
 e galt dorun gegronde - e hitt alles geloll - en as soon waait  
 we; e komme kann. ca an hauve bai e vir under - e  
 ka och nit mei re'rea - en an ferdig fir gerhawigt je giv -  
 fir deer an kee kraut mei geuees - en as an leulte  
 Si'kudem - en ass um dibbelken - e munbleeken - en ass  
 crofboom bis op noisch - e soilt op eugen d' inas  
 haukt. deer an da' haken & Wilcke scholleg - e get geschwin -  
 geplecht -

W.M.W., 15. 4. 68

# De Wollef an de Storch

*Eng Fabel aus dem Lex Roth séngem Buch:*

Faablen op lëtzebuergesch erzielt.

*St. Paulus Dréckerei, Postkëscht 1908,  
Lëtzebuerg. 1973.*

All Wollef as verfroossen;  
mä wann den Honger zitt,  
da géng en u séng Bridder,  
wann hien näischt anescht kritt.

’T hat ee vun dene Borschten  
sech bei der Friess geflass,  
du rétscht him an der Hoosslecht  
e Maufel queesch an d’Strass.

E Gléck nach fir de Gur Mang,  
soss war et déi Keer aus,  
datt grad e Storch do laanscht kum  
dee kroopt de Wëppel raus!

E freet dono de Luppes,  
wat datt hie krit fir Loun ...

„Wéi mengs de, sot de Wollef,  
hei kriss du nüt di Boun!  
Ech hun dech a méng Strass gelooss;  
wee kum dann do schons raus?  
as dat kee Loun, ondankber Stéck,  
hopp, mach dech wech ... du Laus!“

Oktober 1973

## E Bréif

un eis Dëpétéiert, déi et waren —  
a wölle gin.

Här Président, Dir Dammen an Dir Hären,  
Déi 800 Membre vun der Actioun Lëtze-  
buergesch a mir hun den Ablack zwou Sa-  
chen, déi eis um Häerz leien:

1. Helleft w.e.g. an der Châmber, datt eis  
Sprooch grad esou versuergt gët wéi eis  
Monumenter an al Saachen... Si as dat  
eelst Monument dat mer hun! Mir gin  
Iech gär Ausstreech a praktesch Iddiën do-  
fir. Dir kritt an dëse Woche bestëmmt  
d’Geleänheet fir eppes dovun ze soen.

2. All Partei mécht sech prett fir wa mer  
1974 stëmme gin. Et gin némme Lëtze-  
buergers stëmmen, mir sin ènnert eis!

Wéi wir et, wann Dir all Ar Plakaten an  
Ziedelen an eiser Sprooch géngt maa-  
chen... mir hellefen Iech gär, wann Dir  
hei oder do nüt grad sallt eens gin. Mir  
kucken Iech gär all Text op d’Sprooch  
duerch a setzen Iech en an d’Schreifweis  
vum Lëtzebuergers Dixionär.  
Eis Adress as: Actioun Lëtzebuergesch,  
Postkëscht 98, Lëtzebuerg.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wënschen  
Iech all Guddes fir déi Méint, déi elo op  
Iech duerkommen.

Lex Roth,  
Président vun der A. L.

P.S. Mir hun eis erlaabt dëst Schreiwas un  
all eis Parteien ze schécken.

# E klengt Spill mat Wierder

Hei as e klengt Spill mat lëtzebuurgesche Wiirder an Ausdréck. Hanner all Wuurt stin dräi Definitiouen; dir musst déi rich teg dervu fannen. Mee passt op: et sin e puer Falen dran, fir d'Saach méi intressant ze maachen.

Wat versteet een haut — oder verstoung ee fréier — ènnert:

- I. *Kuaischlek*: a) e laange roude Schleek ouni Dëppchen; b) e Kaweechelchen; c) eng Persoun déi motzt a knoutert.
  - II. *Quetschendéif*: a) en Hutt; b) en Akzisebeamten; c) eng Zort grouss Schiermaus.
  - III. *Unnegshär*: a) Kiirchesinner; b) Persoun vun där een ofstaamt; c) Beienziichter.
  - IV. *Leiekrämmert*: a) e Schwäi wat krank Been huet an nüt drop stoe kann; b) den Hummer vun engem Leëndecker; c) e Blannschlécher.
  - V. *Kéisécker*: a) eng Seibecke fir de Stoffi ofdrépsen ze loossen; b) eng Zaldotekap vum Kontingent (1870); c) en Däreldéier.
  - VI. *Strëpp*: a) e Stéck Land; b) Sauerampel; c) Danzorchester.
  - VII. *Knätselkättchen*: a) eng Bobinn mat deer déi kleng Medercher Woll trëtzen; b) eng Spull um Spannrad fir d'Gar opzewéckelen; c) dee fréieren Zichelche vu Klierf op Veianen.
  - VIII. *Pëppcheszwir*: a) Zwir, deen a Sträng gebonnen as; b) Spawecker, déi am Hierscht duurch d'Loft fléien; c) eng séiss Drëpp fir d'Dammen.
  - IX. *Schmanken Hari*: a) den Duurchfall; b) Numm vun engem Dirwierchter zu Dickerech virum Krich 14-18; c) Liewerwurscht.
  - X. *En huet dem Hond den Dësch gedeckt*: a) en össt op sénger Aarbechtsplaz (besonnesch Steemetzer); b) en huet de Läpp zur Box eraushänken; c) en huet en Testament gemat, wat den Ierwen nüt gefällt.
- P. Faber
- X. b) (II 170).
- IX. c) An der Stad Lëtzebuurg gebräucht (IV 156); och: groen Drot.
- VIII. a) Och: Bettrechesszwir (vu botte) (III 343).
- VII. Erem eng Fal, Keng vun den Ant-gefeur.
- VI. Allen dräi Antwerter si richieg; der-aner Bedeutungen (IV).
- V. c) en Diärdéier oder Igel (II 323).
- IV. Dat wor eng Fal, Esou e Wuurt git et nüt, et as erfond.
- III. b) eng Personen vun deer een of-stammt, Ahmherr op diitsch (II 192, enner Hunning ...).
- II. a) stëmmet: e stiwwen Hutt (II 482).
- I. b) as richieg: e Kaweechelchen nach ander Enzelhete stin.
- Déi Zueen, déi a Klame stin, gin de Band an d'Sait vum Lëtzebuurger Dixionär un, wou d'Wuurt ze fanneen as a wou evenتعلی
- Antwertern*

# Nei Bicher

(E Buch gët némme besprach, wann ee Stéck an d'Redaktiouen geschéckt gët.)

*Roth Lex:* Faابلen op Lëtzebuergesch verzielt.

1973. St.-Paulus-Dréckerei, Lëtzebuerg.  
S. 94. Biller vum *Marie-Paule Fixmer*.  
Präis gebonnen: 250 Frang. Mëll Deckelen: 200 Frang. An all Bicherbutteck a beim Verlag.

**Schéckt är Cotisatioun w. e. g. elo op ee  
vun eise Konten! Merci!**

## D'LÉIERCHEN.

*Facsimilé* vum Rodange Méchel sénger éischter Faassong vum *Léiweckerche säi Lidd*, mat enger Klorschreft. Dréckerei Kremer-Muller, Esch-Uelzecht. Erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch. Oplo: 1000 Stéck. 200 op Büttepabeier als Luxuseditioun; Präis 250 Frang. 790 op anere gudde Pabeier; Präis 150 Frang. Zeng Stéck A—K gezeichnet.

*Memberpräis* fir déi gewinnécklech Edition: 100 Frang. Ze bestelle bei der Actioun Lëtzebuergesch, Postscheck 66 44 Lëtzebuerg; Kont bei der Spuerkeess Lëtzebuerg: 1000/7250/4. Bei Bestellungen op dem Coupon ugin: Léierchen. *An de*

*Bicherbuttecker as némmen déi gewéinecklech Editioun ze kréien.* Präis 150 Frang.

## DICKS-HEFT.

1823—1973. 150 Joer Dicks. Chorale Ste Cécile, Remich, mat Fotoën. Dicks-Portri. Drock: J. Schomer, Réimech. S. 104. Präis 100 Frang. 21×15 cm.

Mir gin elo nach grad gewuer, datt e Kongkur fir lëtzebuergesch *Kannertheaterstécker* vun der Stad Lëtzebuerg ausgeschriwwen as gin. Se musse bis den 21. Juli 1974 age-schéckt sin. Konditiounen sin, ënner aneren: si musse fir d'Kanner sin; all Zort vu Stécker as erlaabt; se duerfe keen Zwëschenakt, nüt méi wéi zéng Leit hun an nach nüt gespiltt si gin; de Jury nennt de Schäfferot vu Lëtzebuerg; d'Stécker déi ugeholl gin, gin am Neien Theater zu Lëtzebuerg gespillet, da kritt de Schreiwer e Präis; d'Zeitunge bréngen d'Nimm vun denen, déi e Präis kruten; d'Stécker, déi nüt priméiert goufen, gin erém geschéckt, eng Koppi hält d'Gemmeng a kénnt an d'Archive vun der Stad; d'Stécker müssen ouni Numm ageschéckt gin, den Numm duerf nüt op der Enveloppe an nüt um Manuskript stoen; jidderee ka méi wéi ee Stéck aschécken.



**Actioun Lëtzebuergesch**, Postkëscht 98, Lëtzebuerg — Postscheck 6644 — Kont bei der Spuerkeess, Lëtzebuerg 1000/7250/4

Präsident: Lex Roth, Dunant-Strooss 14, Esch-Uelzecht, Tel. 54 77 87

Sekretär: Laure Wolter, Collart-Strooss 22, Betebuerg


Caissier a Verlag: René Faber, Barriär- (de la Barrière) Strooss 14, Lëtzebuerg-Märel

Redaktioun: Eis Sprooch, Heng Rinnen, Bëschstroos 32 (rue de la Forêt), Lëtzebuerg-Zéisséng Tel. 48 61 37

Drock: Kremer-Muller & Cie, Gaarde-Strooss 56, Esch-Uelzecht, Tel. 521 85

**Cotisatioun 1974: op d'manst 100 Frang; Kollektivmembren: 300 Frang; Studenten: 50 Frang**

(Well d'Post déi Lëtzebuerger Nimm vun eise Stroessen nüt kennt, as et gutt, wann een de franséi-seschen derbäi schreift.)



Dicks-Tak (U.G.D.A.)



Demy Schlechter

Dicks-Feier 1923 zu Elwen  
(Foto Sammlung: Di Elwenter)





# STAATSSPUERKEESS LETZEBUERG

ÄR BANK AN ÄR SPUERKEESS !

Mat 83 Agencen a Sous-agencen am ganze Land huet  
D'SPUERKEESS dat gréisste Konten-Netz  
vu Lëtzebuerg !

Duerfir fir ZÄIT a GELD ze gewannen maacht och Dir  
Äre SPUER-, LOUN- a BANKKONT bei Ärer  
Spuerkeessen-Agence op !

D'SPUERKEESS garantéiert lech e modernen,  
sécheren an diskrete Service fir all Är GELD- a  
FINANZÉIERONGSPROBLEMER !